N° 7364
Entrée le 13.12.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 13.12.2022

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13/12/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un de Premierminister & de Minister fir Kommunikatioun & Medien weiderzeleeden.**

Wéi Reporter den 13ten Dezember bericht, mëscht d'SES, déi zu 11% direkt dem Lëtzebuerger Staat gehéiert, et méiglech, dass d'Sendere wéi Russia Today weider an Asien an Afrika gesent ginn.
D'Regierung kommentéiert d'Recherchen a mengt, d'Sende vun 3t Staaten un 3t Staaten géingen net ënner EU Sanktioune falen. Op d'Nofro vun Reporter huet d'EU Kommissioun awer kloer wësse gedoen:

> *"Il est interdit aux entités basées dans l'Union européenne de transmettre des diffusions ou contribuer autrement à la diffusion directe ou indirecte de ces chaînes sanctionnées."*

An deem Zesummenhang wéilte mir de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wäert d'Regierung bei SES intervenéieren, fir dass TV-Chaînen, déi kloer vun der EU sanktionéiert a blockéiert ginn, net méi duerch SES gesent ginn?

2. Wéi steet d'Regierung zu der am Artikel zitéierter Ausso vun engem Porte-parole vun der EU-Kommissioun, déi contraire ass zur Positioun vun der Regierung?

3. Geet SES hei an den Ae vun der Regierung de Risiko an vun der EU wéinst Net-anhale vun de Sanktioune géint Russland gestrooft ze ginn?

4. Wéi vill géing d'SES d'Ofschalte vun de Packagen, an deenen dës TV Chaîne mat dra si, kaschten?

5. Wéi oft huet d'SES säit de Sanktioune géint Sputnik a Co bei den afrikaneschen an asiateschen Entitéiten, déi dës TV Chaînen iwwerdroen, nogefrot fir domat opzehalen?

Mat déiwem Respekt,

| CLEMENT Sven | GOERGEN Marc |
|---|---|
| Deputéierten | Deputéierten |